1-2020-O-7-6477-01 (n° 3522)

Dépôt : Fred Keup

ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

Lëtzebuerg, den 12. Mee 2021

# MOTIOUN

D'Chamber vun den Deputéierten:

stellt fest, datt

- d'Regierung kee Regëster féiert, wéivill Consultingfirmen de Staat an deene leschte Jore fir Etuden engagéiert huet, wéi aus den Äntwerten op déi parlamentaresch Froen Nummer 3883, 3884 an 3724 ervirgeet;
- datt esou Engagementer awer e kumulativ héije Käschtepunkt fir de Staat kënnen duerstellen;

ass sech bewosst, datt

- de Staat ëmmer nees evaluéiere muss wéi eng Kompetenzen hien a senger eegener Fonction Publique brauch a wéi eng Etüde hie wëll u privat Acteure ginn an datt mat deenen Iwwerleeungen och ëmmer finanziell Considératioune a Prioritéite verbonne sinn;
- datt fir d'Entwécklung vun der Fonction publique laangfristeg ze plangen et néideg ass en iwwerbléck iwwer déi Kompetenzen ze kréien, déi am Kader vum Ëffentlechen Déngscht eventuell nach mussen op- oder ausgebaut ginn;

fuerdert d'Regierung op,

- vum 1. Januar 2022 un en zentrale Regëster unzeleeën, deen d'Relatiounen vum Staat mat Consultingfirme genee renseignéiert, inklusiv der Entitéit déi den Optrag gëtt, de bedeelegte Firmaen, der Natur vun deene gefroten Déngschter, der Durée vun der kontraktueller Relatioun an hire Käschtepunkt;
- der Chamber e järlech aktualiséierte Rapport aus dem Regëster virgeluecht gëtt.

Fred Keup

ADR – Groupe parlementaire 25, rue Notre-Dame L-2240 Luxembourg Tel. : (+ 352) 463742